

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Elektromobilitéit ass en Thema wat eis zu Lëtzebuerg ëmmer méi beweegt. Dese politesch forcéierte Paradigmewiessel vum Verbrennungs- op den Elektromotor stellt eis gesamtgesellschaftlech viru grous Erausforderungen, net zulescht och eis zukünfteg Farschüler.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Transportminister:

- 1) Wéi vill Farschoulsgefierer ginn zu Lëtzebuerg aktuell elektresch bedriwwen?
- 2) Wéi deelen sech dës Gefierer an absolutten Zuele sou wéi a Prozent op déi eenzel Kategorien Auto, Bus, Camion, a Motorrad op? Gëtt an enger vun dëse Kategorie schonn en Unhängersführerschäin op Basis vun engem elektresche Gefier ugebueden?
- 3) Wéi präsentéiert sech d'Kompatibilitéit vun de Führerschäiner an deenen eenzele Kategorien? Wéini berechtigt e Führerschäin op engem Gefier mat Verbrennungsmotor och d'Féire vun engem Gefier mat Elektromotor an ëmgekéiert?
- 4) Op wéi engen techneschen Donnéeën baséiert gegebenefalls d'Inkompatibilitéit vun deenen zwou Führerschäinskategorien?
- 5) Wéi eng theoretisch Kompetenzen am Beräich Elektromobilitéit mussen d'Farschüler zukünfteg an deenen eenzele Kategorien erfëllen?
- 6) Wéi ginn des Kompetenzen an déi eenzel Examen integréiert?
- 7) Wéi eng praktesch Kompetenzen am Beräich Elektromobilitéit mussen d'Farschüler zukünfteg an deenen eenzele Kategorien erfëllen?
- 8) Wéi ginn des Kompetenzen an déi eenzel Examen integréiert?
- 9) Wéi eng Kompetenze mussen zukünfteg Farleerer am Beräich Elektromobilitéit opweisen?
- 10) Iwwer wéi eng Weiterbildungsméiglechkeete verfügen déi Leit, déi aktuell am Beräich vun der Ausbildung vun de Farschüler schaffen? Des virun allem um Niveau vun de Farleerer an den Examineuren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten